50ième Anniversaire SPFP

Ried vum Präsident Camille WEYDERT vum SPFP bei der

Séance Académique vum 18 November 2004

Här Minister,

die Dammen an dir Häre Vertréider aus der Chamber,

léif Ei'eregäscht,

léif Délégéiert vun der « Association Professionnelle des sous officiers luxembourgeois » a vum « Syndicat National de la Police Grand-Ducale »,

Kolleginnen a Kollegen,

Miir kucken haut op 50 Joer Gewerkschaftsbewegung an der Force Publique zréck !

Daat waar éen hallëft Joërhonert voller Héichten an Déiften,

daat waaren 50 Joer Asaatz fir d'Rechter vun eise Memberen,

daat waar éen hallëft Joërhonnert Solidaritéit an **eisen** éjëne Reihen,

et waar éng Zäit an déer mer zesummegeréckelt sön, et waar éng Zäit an déer mer vill erréscht hunn, an et waare 50 Joër aus denen d'Politik an d'Spötzte vun der force publique och vir d'Zukunft nach vill léire können, besonnech waat d'Duerchsétzung's-Verméigen vun eiser Gewerkschaft ugéht!!!!!!!!!

Dir Dammen dir Hären,

« Force Publique », daat waar bis 1999 d'Arméi, d'Gendarmerie an d'Police. Haut bestéht d' « Force publique » matt der Police Grand-Ducale an der Arméi just nach aus 2 Corps'en, 2 Corps'en die a ville Situatiounen zesummenschaffen een dem aaneren hëllefen an een op dien aneren ugewise ass.

Et gët eis also nach ëmmer, och wann 1999 de Ministère vun der Force publique zerstéckelt an an 2 Stécker gerappt gouf , vir all Halschent waar an de léchte 5 Joët éen ânere Minister responsaabel.

Ënner der neier, schwaartz-rouder Regierung sinn déi zwee Corpsen politesch röm méi no beiennen gereckelt gin well si dien selwechte Ministre de Tutuelle hun, wat eis besonnesch freeht, mä vill méi frouh wire mir dach gewierscht wann die 2 Corps'en éngëm eegene Ministère, wéi virun 1999 ënnerstallt gi wären !

An éngëm Ponkt gin ech dem Här Frieden 100% Récht : d'Söcherhéet am Land an d'Söcherhéet bausst eise Gréntzen, dôbaussen an der Wélt ginn Hannt an Hannt. Internationâl Stabilitéit ass néideg viir d'Söcheréet hei am Lannt. An anere Wiirder: ött'ass essentiéll vir die intern an die extern Söchehéet matt ën éen ze verbannen.

Dir Dammen an dir Hären,

Wann én esou an de Sall kuckt, da geseit én niewent den Délégue'erten aus eisen Berufsverbänn, den Ei'eregäscht a Frönn aus Politik a Gewerkschaftsliewen **och** eis Chefs de Corps, … vun haut, wat eis besonnesch freet, dénen hir Virgänger, net emmer begéschtert Unhänger vun der Personalvertriedung waren, an scho guer net vun engem Syndicat, dén fir munnech aus der aler Zäit, e roud Duch war. Ob déi heiteg Chef'en lo méi oder manner begéschtert Unhänger vun der Personalvertriedung sön dat muss sech nach erausstellen.

Wann én dann esou zréckkuckt an iwwerléd, dann erfasst én eréischt sou richteg, wéi d'Zäiten an d'Mentatiléiten geännert hun. Haut kann ée sëch als Invité bei eiser Gewerkschaft weisen, géll dîr! Daat waar leider nët ëmmer esou.

De Wée, den mir zréckgeluegt hun, ass e wäite Wee gewiescht, e Wee mat villen Obstakelen. D'Iddi vum Syndikalissem an der Force Publique, controverséiert am Ufank, bekämpft vun der Hiérarchie, niéi'ert vun der Politik, huet sech dach durchgesaat. Daat heescht, **mir** hun eis duerchgesaat. An haut ass d'Berufsbewegung an der Force Publique net méi eweg ze denken. De Syndikat, dén Verdaamten vu fréier, ass haut Partner, jo, aus dër Gewerkschaft ass ée Sozialpartner ginn dien sëch trotz alle Résisténtzen imposéiert huet.

Wann daat alles haut selbstverständlech schéingt, da war dat net ëmmer sou. A wa mer schon haut zesummen sin fir eng Zorrt Inventaire a Standortbestëmmung ze machen, da komme mer net derlaanscht fir op daat léchte Jôrhonnet zréck ze kucken.

Wée si mer, wou komme mer hir?

De Syndicat vun der Force Publique ass d'Resultat vum Zesummeschloss vun den dräi Berufsverbänn aus Arméi, Gendarmerie a Police, matt haut éngëm Effektiv vun bal 3.000 Memberen.

Ganz am Ufank vun de 50ger Jôren waren et eis dräi „Associations Professionnelles", déi als éischt gegrënnt goufen. An daat war zu däer Zäit keng einfach Saach. Et waren e puer couragéiert Virgänger vun eis, déi de Krich matgemaach haten, un der Front, an de Prisongen, an den Kazetter, an der Resistenz, am Maquis an an den alliéierten Arméien, an déi fond hun, datt se de Kapp net fir näischt duergehaalen haten, an datt d'Zäiten vum Kadavergehorsam vun arbiträren Décisiounen eriwwer wiren. Datt et niewent de Flichten an der Force Publique och nach misst Rechter hun. Datt déi elementar Fräiheeten a Garantien och de Memberen vun der Arméi net könnten virenthaalen bleiwen.

Sie hun sech gantz „timide" zesummegedoen. Sie hun esouguer ëm Erlaabnes gefrôt, ob se och dierften. E Berufsverband, daat ass als eng Form vun Kontestatioun jo vun Rebellion opgefasst gin. Vun uewen rof sin eis Virgänger vun der Hierarchie geckuckt gin: wat geeht déi un, wat wöllen déi, wou geeht dat hin wann. Die démôleg Hiérarchie huet Sanctioune géint déi sougenannte „Rädelsführer" ergraff, si hun se mat alle Mëttelen bekämpft an si als illégâl duergestallt. Si waren der Meenung esou éen onnëtze Syndicalismus hätt an der Force Publique neischt verluer. Mä si haten d'Rechung ouni eis Constitutioun gemach an déi garantéieert Freihheeten, an si garantéi'ert och datt een eng Associatioun ka grönnen ouni duerfir eng Erlabnis vun enger Hyrarchie ze hun.

An duerfir konnten d'Berufsverbänn net verhënnert gin, mäi akzeptéiert waren se duerfir awer och nach laang net. Sie hu missen toleréiert ginn an si hu virgeschriwwe kritt dat all Démarchen missten streng den hyrarchische Wee agehalen gon.

Aus deenen Ursachen eraus hun sech déi eenzel Associatiounen zesummefond fir aus dem Däiwelskrees erauszefannen. An déi Kontakter a Gespräicher hun dunn 1953/54 zu der Grënnung vun der démoleger „Entente" vun den Berufsverbänn vun der Force Arméi gefouert. A vun do aus gerechent, feiere mer haut den 50. Anniversaire, vun eiser gemeinsamer gewerkschaftlecher Aktioun.

Duerch dest Zesummerecken, an duerch de Bäitrëtt an de Viirgänger vun eiser heitiger Dachorganisatioun der CGFP, dem „Allgemengen Staatsbeamte Verband", konnte mer eis beruflech Intérêt'en besser vertrieden, an mir konnten eis direkt un d'politesch Autoritéiten adresséieren.

Een vun den Haaptuleies vun deemols war d'Unerkennung, an d'Compensatioun vun den Contrainten déi mam Régime militaire verbonnen sin. No langjäreger intensiver Arbecht waren éischt Fortschrëtter ze verzeechnen, well weiderhin ass versicht gin eis Beméihungen ze contre caréieren, an ze torpedéieren.

1958 goufen d'Virarbëchten fir déi grouss grondlégend Gehälter Revisiounen an der Fonction Publique ageleed. 5 Joër laang huet déen éischten sériö'en a vir déi Zäit essentiélle „Bras de Fer" gedauert. Munnech Berufsverbänn hun sech opgeriwwen oder sin schwéier

ugeschloen aus deem Gerangel erausgaangen, an och den deemolegen Dachverband vun de Staatsbeamtengewerkschaften d'AGF.

An der Force Armée, esou wéi d'Force Publique deemols geheescht huet, si mer an diene Jôren mie nô zesumme gerékelt. Déi zeng schwéier Ufank's-Jooren haat déi dräi Corps'en zesummegeschweest an gestärkt. Déi Solidaritéit ënner eis haate mer zum groussen Déel dën démôlëchen Repressalien vun der Hierarchie ze verdanken.

Duerch die schwéier Epreuve vun der Gehälterrevisioun also haat sech den Gewerkschaftsgedanken staark an eise Kreesser festgefriess. Mir haaten all déi selwescht Originnen, déi selwecht Aufgaben, déi selwescht Zieler, déi selwescht Interessen.

An den 12. Mee 1964, also virun méi 40 Joer, ass de Syndicat Professionnel de la Force Armée", gegrënnt ginn. Die politesch Parteien hun eise couragéise Schrëtt démôls begréisst an eis hir voll Ënnerstëtzung zougsoot.

Bei de Chefs de Corps war daat anescht, sie hunn d'Welt nött méi verstan. D'Reaktiounen hun nött op sech warde geloss, d'Hiérarchie wollt eis nées vun der syndikaalistecher Landkaart wéschkréien, an dat matt alle Moyen'en. Haut géif éen daat Mobbing nénnen. De Chef vun der Gendarmerie ass esou weit gangen, dat hien de Bréif vum neie Syndicat, dien him gescheckt gi war fir him Grönnung matzedeelen, ouni opzemachen refuséi'ert an zreck un den Absenderr gewisen huet. A wann mech nött alles täuscht misst eisen deemolegen Generalsekretär dösen ominéise Bréif nach esou a sengen Archiven hun.

Miir lôssen eis haut wéi an eis Virgänger vun démôls nët intimidéire.

D'Statutten sinn 1964 am Mémorial publizéiert gin an kuertz duerno koum déi éischt Nummer vun der Gewerkschaftszeitung „PROGRES" eraus. Déi Püblikatioun haat émôl méi vir vill Oprégung an vir héige Bluttdrock bei verschidde Leit gesuergt.

Aktiv Politiker vun deemols haaten perséinlëch an eis Zeitung geschriwen. Wéi z.B. den Här Jean Dupong, deemolegen Députéierten, spéideren Erzéihungsminister, den Här Albert Bousser, deemolgen Députéierten a spéideren Transportminister, den Här Camille Linden, deemolegen Députéierten a Generalsekretär vun der Demokratescher Partei.

Sëch op déi Manéier vir eis Cause asétzen ass an de politeche Parteien nët ëmmer ukomm. Een vun den Artikelschreiwer dien Member vun enger Regierungspartei war ass kräfteg gerügt gin.

Secher, et sin och an däer enger oder aanerer Partei Leit gin, déi d'Grënnung vun engem Syndicat an der Force Publique mat gemëschten Gefiller opgeholl hun, a virun revolutionären Tendenzen gewarnt hun, mee déi räsonnabel Politiker stongen op eiser Säit, a besonneg den deemolgen, a bei eis onvergiesslech Arméi Minister Eugène Schaus, dén fir seng personalfrëndleg Astellung bekannt war, an dien ëmmer vir eis dô waar wa mer ë gebraucht hunn.

Mat senger Ennerstëtzung hu mer duerchgehaalen, well déi éischt Zäit war schwéier. Den éischten an esou verdéngschtvollen President vun eisem Syndikat, den Här Gust Konen, ass esouguer op Drock vum demoligen Verwaltungschef degradéiert gin.

Daat alles weist wéivill mir och haut nach de Pionéier vun deemols ze verdanken hunn, déi, déi de Courage haten dësen eenzegartigen a grousse Mouvement an d'Liewen ze ruffen, an déi Standfestegkeet, bewisen hun, fir déi schwéier Momenter durchzestoen, a perséinlech Benodélegung a Kâf geholl hun.

1966/67 huet eise Syndicat sich mat vill devouement an engem Geescht vun Solidaritéit a Mönschlechkeet fir d'Kollegen agesat déi op Grond vun der grousser Reform vun der Armé vun enger Pflicht- zu enger Arméi vu Volontären, hu missen den Dingscht an der Arméi quitéi'eren an op anere Plazen önnerbruecht gin. Ebenfalls an dëser Zeit huet de Syndicat Professionnel vun der Force Publique sech op ee neits bei der Erneierung vun der Gewerkschaftsbewegung vun der öffentlecher Fonctioun ervirgedoën, déi no däer erwähnter Gehälterrevisioun die Jôre virdrun a grouss Schwieregkeeten gerooden war. Parteipolitesch

Gewerkschaften waren der Meenung hinnen géif eng nei Spillwiss wéi en zeidegen Apel an de Schouss falen, mä dem war, an haut muss een soen glecklecherweis, nött esou.

Dien éischten Minister vun der Fonction Publique, den Här Pierre Grégoire, huet d'Initiative ergraff an d'Beamten hun sech zesummegedôn. Esou konnt den 2. März 1967, no laangen Verhandlungen eng Propositioun vun eisem Syndicat, a mat der Ennerstëtzung vun der fréierer „Association des Instituteurs Réunis", dem heitegen Syndicat National des Enseignants-SNE, sech duerchsetzen an eis CGFP ass gegrënnt gin. D'"Confédération Générale de la Fonction Publique", déi haut nöt méi aus eisem Liewen wegzedenken ass. D'CGFP déi bis haut Immenses am Déngscht vum Staatsbeamten awer och am Déngscht vum Land geleescht huet. D'CGFP ee kritischen awer ee loyale Partner. Ech sinn houfreg datt grad eise Syndicat ött **mat** fäerdeg bruecht huet dös stark Organisatioun ze grönnen. Well wou wiir haut d'Fonction Publique, ouni hiir CGFP. Léif Memberen dénkt dôrunner, wéll dir an die gantz Fonction publique profitéiert vun diem waat d'CGFP erkämpft an erréscht huet.

Zréck an d'Vergaangenhéet bei eisen Historique: No den virgezunnenen Parlamentswahlen, wéinst der Regierungskris, Enn 1968, zum Deel ausgeléist durch d'CGFP-Gehälterfuerderungen koum et am Ufank 1969 zu enger neier Regierung. Et koum zu wichtegen Reformen: der Reform vum Disziplinarregime, vun den Rekrutéierungs- an Ausbildungsbestömmungen, enger fundamentaler Kaderreform, an der Institutionaliséierung vun der Bedeelegung vum Syndicat an der Personalgestioun, durch d'Asetzen vun enger permanenter „Commission paritaire".

D'Verwaltung war gewinnt eleng ze décidéieren, sie wollt dat och esou erhalen. An dach, hun esou guer déi gréissten Tockskäpp sech démôls missten derzou bequémen, a sech mat den Personalvertrieder un een Dösch setzen. Haut ass dat dank dem reforméierte Statut vun de Staatsbeamten gesetzlich festgeschriwwe gin, wat awer nött verhönnert dat dat bestehend effikasst Instrument vun der sougenannter „commission de gestion du personnel" onbedengt weider bestoë muss.

D'Verwaltungsvertrieder hu missten agesin, datt d'Zäiten geännert haten. Och mir hun geléiert d'Problémer vun der Verwaltung ze verstoen, an esou huet sech ee bessert Verstéessdemech ergin. Gewëss, d'Barrière vun den jeweilegen Aufgaben a Kompetenzen ass noutgedrongen do, déi bleiwt och. Mée mir schaffen haut méi oder weniger wéi Partner zesummen,oder anescht gesoot an der heitiger Zeit probéi'ere mir eng éi'erlech a fair Kooperatioun déi der Saach déingt, däer mir all verflicht sin, d.h. dem öffentlechen Dingscht, dem Service um Bierger, der Söcherhéet heihéem an dôbaussen!

An dem Géescht gesin mir haut, wéi fréier, eis Aktioun, an eis Aktivitéit an dôvir ass a bleift eise Slogan : „Sëcherheet fir all Bierger" . . .

Waat ass soss nach aus der Vegângehéet zréck ze bëhâlen ? Ech erönnere mech nach gäeren un die spontan Interventiounen vun eisem Minister Emile Krieps wie ët bei der Bësétzung vun enger Chefsplaz an der Gendarmerie drëm's goung, déi fir **eis** sakro sanct Hierarchie respektîv d'Liste d'ancieneté, nött méi an ze haalen. D'Chef wollten arbiträr een hinnen geneehme Kandidat op ee freie Posten setzen, mä dat hat hinnen den Här KRIEPS ganz schnell ausgedriwwen. Hien wousst wat fir ee laangjährege Misär esou Décisounen matt sech bréngen, wéivill d'Ârbëchtsklima an d'Motivatioun ënner esou Saachen leiden. Mir si bis virun enger Zeit gudd matt diem Systèm gefuehr an ött wir gudd a noutwendig wann dozu zreck géife fannen. Nom Här KRIEPS koum du den Här Marc Fischbach, dien sëch och géint divers Versich vun der Hierarchie hir Kandidaten ze favoriséi'eren ze wiire wosst. An d'Zeit vum Marc FISCHBACH sön och d'Evènementer rondrem den Iwerfall op d'BIL mam trageschen Dout vun engem Polizist gefall. An deem Moment huet eise Syndicat op ee Neits seng Gréist a seng Solidaritéit bewisen. Eise Syndicat huet önner der Féi'erung vum Camille ROCK déi gréisten Demonstratioun an der Geschicht vun der Force Publique um Knuedeler wou de 12. Dezember 1985 sech Owes ronn 3000 Leit versammelt haten a mat eis gefillt hun. Députéi'erten, Leit aus der Force Publique, Leit aus befrönten Gewerkschaften, Leit vu politischen Parteien, gantz normâl Biirger denen d'Schiksal vun der Force Publique nött egal

war, gantz normâl Biirger déi öm hir eegen Sëcherheet gefart hun. Vun iwwerall waren sö komm jhust eis Hierarchie huet gefeehlt, sie war net solidarisch mat hire Beamten!

Eis massîv Réaktioun haat dem Marc FISCHBACH an der Regierung de Reck gesteipt a sou konnten éng gantz Rötsch vu bluttneidegen Reformen an Uschafungen a Verbesserungen an enker Zesummenaarbecht mat dem Syndicat Professionnel de la Force Publique duerchgezu gin.

Nom Här FISCHBACH ass dun de Ressort vun der Force Publique vum Här POOS iwwerholl gin, him stueng als direkten Interlocuteur nach den Här Georges WOHLFART zur Seit. Si sin am Geescht vun hiren direkte Viirgänger viru gefuer an hun den Dialog weider ausgebaut. An dös Period gehéiert d'Reform vun der Sûreté déi als Service de Police Judiciaire erfiirgang ass. An dösem Zesummenhang muss ech awer och besonnesch den deemoligen Präsident vun der Chamberkommissioun den Här René HENGEL ernimmen, dien sech ganz vill Aarbecht mat döser Reform gemach huet an duerch sein perséinlechen Asatz garantéi'ert huet dat bei der Vergab vun verschiddenen Posten d'Hierrachie agheal gin ass, well och hei ass kräftig hannert de Kulissen un de Ficelle gezunn gin. An d'Period POOSS-WOHLFARTH falen och déi éischt Asätz vun eiser Arméi bei fridenserhalendene Missiounnen am Ausland, déi bis haut nach nöt ofgeholl mä sech intensivéi'ert hun, an eise Leit vum Härebierg un d'Substanz gin. Ech hu mir soë gelooss, dat eis Arméi prozentual verglach mat auslänneschen Arméi'en nöt schlech do steeht, am Géigendéel! Dat soll och hei an deem Mooss ernimmt a unerkannt gin.

Als Nofolger vum Här POOS ass dun den Här BODRY als Patron an de Ministär vun der Force Publique komm. Hien ass an sech bis lo dien letzten autentesche Minister vun der Force Publique. Hien huet sech perséinlech entschöllegt dat hien den Owend nöt kann matt eis dësen Anniversaire feiren. Oenner dem Här BODRY koum d'Gesetz vun der Fusioun vu Gendarmerie a Police zoustan. Ee schwierege Wee dien mir gang sön, a mir sön deen zesumme gang wat nött ömmer liicht war. Nët nëmmen „Insider" wössen haut, datt d'Fusioun vu Gendarmerie a Police nöt zoustan komm wir wann nött de Syndicat dat ganzt gedroen a virigedriwwen hätt, wann nött de Syndicat ganz intensiv a konstruktîv Gespréicher mam deemoligen Präsident vun der Chamberkommissioun vun der Force Publique" Mars DI BARTOLOMEO gefouert hätt, wann de Syndicat nött ähnlich Gespréicher mat dem Här Willy BOURG an dem Här Alphonse THEIS gefouert hätt. Nöt ze vergiessen eis Kontakter mat enger Madame Polfer engem Henry GRETHEN an engem Jean HUSS. Mir hun un ee Succés gegleeft, mir hun un d'Zoukonft gegleeft, mir hun och alles esou weit daat matgedroen, wou mir gefroot gi sön a wou mir matschwëtze konnten. Mir hun och den Tendenzen fir eis, dat heescht d'Oenneroffizéi'er vun der Arméi an de vu Gendarmerie a Police Auserneenn ze splécken paroli gebueden. Mir waren, sön a bleiwe soldidarisch am Syndicat Professionnel de la Force Publique, **mir** mir loosse keen een den aneren henken. Aus der Nout raus sön mir op ee neie Rekrutéierungsmodus fir d'Police gangen wat der Arméi d'Saach nött méi liicht gemach huet bei hirem Rekrutement dien déi Zeit och zimlech dürfteg war. D'Arméi huet sech endlech besonnen an eng aggressiv Publicéitéitscampagn lancéi'ert déi hir Friichten dréit. An ött ass gudd dat si dat esou weider mëcht. Oett ass och gudd dat Carrièere vum Brigadier an der Police exclusif iwwer d'Arméi rekrutéi'ert gött an datt d'volontaire de l'armée eng Prioritéit beim Rekrutement vun der Inspekteschcarrière an der Police hun. D'Arméi konnt och no joremlagen Hin an hir endlech am Joer 2001 d'Refom vun der Ecole de l'Armee ömsetzen, déi de Volontairen de Wee dierft vill méi liicht man fir ee Beruff beim Staat ze ergreifen, hiweisen wöll ech hei op d'Méiglechkeet hei den Ofschloss vun enger 11ème ze machen an domat d'Bedingungen fir Zouloossen zum Opnahmeexamen zou der Carrièere vum Inspekter an der Police ze erföllen, Dös Méiglechkeet zesummen mam droit de Priorité ass dach eng fantastech Sach fir jonkh Leit, si mussen si jhust notzen.

D'Regierungsbildung vun 1999 huet ött mat sech bruecht dat de Ministär vun der Force Publique an zwee gedeelt gin ass een Deel koum bei den Aussenministär an dien aneren bei de Innenminstär. Dat huet Befierchtung mat sech bruecht dat mir lo géifen ausernéen dividéi'ert gin. Mä d'Oemstann, d'Realitéit ass anescht. D'Police baucht d'Arméi genau esou

wéi virdrun, an ömgekéi'ert huet sech och neischt oder nött vill geännert. Wann elo die zwee Verwaltungschef mateneen éen's ginn, da können mir önner eisem neie gemeinsame Minister op eng gudd Zoukonft hoffen.

Dir Dammen, dir Häre, Kolleginnen a Kollegen

Mat 800 Memberen huet eise Syndicat 1964 ugefaangen. Haut si mer bâl zu 3.000, dorënner sinn och 600 Volontären vun der Arméi, an d'Volontär de Police dénen hir gewerkschaftlech Betreiung mir iwwerholl hun. Besonnesch d'Volontären vun der Arméi denen hir Zukunft nött ömmer ganz kloer, mä oft ongewess ass sin bei eisem Vizepräsident dem Patrick FRANTZ a gudden Hänn. Dess jonk Leit hun nämlech och hir sozial Problémer, a mir hun et als eis Flicht ugesin, eis hirer unzehuelen. Vill ass schon fir sie errégt gin, mee et bleift och nach villes ze maachen. Och hei wäerte mer um Ball bleiwen, an daat an hirem Intérêt, mee awer och am wuelverstaanen Intérêt vun der Arméi, wou nach ëmmer Leit sin, déi daat verkennen.

Mee net nëmmen déi Aktiv sin bei eis organiséiert. Och déi Pensionnéiert an d'Wittfrâen hun hir Platz am Syndicat. Net emsoss sinn an der Force Publique 95% vun de Beamten gewerkschaftlech engagéiert, sektoriell gesinn ass daat dien hécksten Taux am Lannt.

Dir Dammen an dir Häre,

Nô éngëm halwe Joorhonnert gewerkschaftlecher Aktivitéit könne mer ée postive Bilan zéien : engem Syndicat, dén sech als efficace erwisen huet, de Beweis sön d'Resultater die mer errécht hunn. Mir hun et fäerdeg bruecht mat der allgemenger Entwécklung Schrëtt ze haalen. An dach bleiwt nach villes ze önnerhuelen. Mir bleiwen um Qui vive well ömmer nei Tentatiounen opdauchen, nei Iddien, déi nött durchduecht sinn mais einfach nömmen eng temporär Léisung fir ee Probleem oder ee vermeintleche Problem duerstéllen an dôbäi déi d'Ganz Verwaltung an Organisatioun op d'Kopp stellen, dat brengt Onrouh, ee schlecht Aarbechtsklima, schaaft Neid a Streit. Daat géht op d'Käschte vun de Mönschen an op d'Käschten vun der ganzer Sach. Sloganën, wéi „moderne Management" oder wa gesoot gët „kuckt an d'Privatindustrie" ginn eis ze staark denken. Solle mir functionéi'eren wéi ee Privatbetrieb do muss ech soë JEIN, well könnte mir esou fonctionéi'eren dann könne mir och de Staat ofschafen, da brauche mer nët mie wiehlen ze goën a miir könne d'Regierung durch ee Verwaltungsrot oder éen Direktioun's-Comité ersetzen. Eis Aufgaaben erlâben daat nött an duerfir ass ött wichteg dat eis Administratiounen dien richtege Wée aschloën wou d'Mönschlechkeet nött verluer geeht an wou de Beamten matt sénge Suergen a Problémer eescht geholl gött an hien da sengerseits esou mam Bierger verfiert dien Hëllef sicht. Matt dienen neie Problémer die op eis zoukommen gët eis Gewerkschaft a den nächste Jôren NACH ëmmer mie wichteg!!!

D'Force Publique verkiepert an engem bestëmmte Sënn de Staat, d'Autoritéit an déi national Souveränitéit. Mir gi mam Staat a sengen Institutiounen identifizéiert. Mir wëllen eis däerer Missioun wiirdeg erweisen, haut gra wéi geschter an och an der Zukunft, esou wie viirecht Générationen hiire Mann gestallt hunn. Hirer hu mir geduecht, wéi mir virun zwou Stonnen beim Monument vun der Force Publique, an enger Gedenkminut versammelt waren. Sie solle vir eis ée Virbild sinn.

Ech well awer och vun der Geléenhéet profitéieren fir drop hinzeweisen, dass am leschte Weltkrich besonneg d'Leit aus eiser Carrière, vun der Force Publique sech erfir gedoen, an dômadder zur d'Freiheet an zur Onofhängegkéet vun eisem Land bäi gedroën hunn.

Ech mân ée warmen Appell un eis jonk Memberen: sie sollen sech bewosst sin, wat sie hierer Gewerkschaft alles ze verdanken hun, a waat sie hiir schöllech sinn. Un hinnen ass et vir geschwenn d'Relève ze iwwerhuelen.

Haut hu mir erem op e neits bewisen, dass eise Syndikat vun der Force Publique fest zesummen steht, an sech net, trotz Versucher vu Baussen, splécke léisst. Oet soll Iech all elo an an Zukunft eng Fréd, an eng E'er sin, soen ze kennen, **mir** sön de Syndikat vun der Force Publique, mir sön an der CGFP.

Ech soen Iech Merci.